

Opruff vun der A.s.b.l. Fuusslee

Projet: Fräiliicht-Theater 2018

um Buurschter Schlass

Am Kader vun der Reouverture vum Buurschter Schlass no längere Bauaarbechten, plangt d'A.s.b.l. Fuusslee eng nei Fräiliichttheater-Produktioun am Joer 2018 um Schlass.

Et handelt sech ëm d'Opféierung vun engem Theatersték dat vum lëtzebuerger Auteur Marco Schank fir d'Fuusslee a.s.b.l. geschriwwe gouf an dat am historische Kader vum Buurschter Schlass spillt.

Et steet fest, datt d'Realisatioun vun dësem kulturelle Projet nëmme méiglech gëtt duerch d'Zesummeschaffen vu ville Leit: Jonker a manner jonker, déi sech mat Freed a Begeeschterung, awer och mat Ausdauer a Verantwortungsgefill bénévol engagéieren fir aus dem Projet en Erfolleg ze maachen.

Wann Dir Loscht hutt fir Iech an iergend enger Form un dësem Projet ze bedeeligen, da kommt an d'Generalversammlung vun der A.s.b.l. Fuusslee e **Sonndeg, den 21. Mee 2017 um 17:00 Auer** am Festsall vun der Gemeng zu Buurschent, wou Dir gären weider Informatiounen kritt.

Wann Dir am Verwaltungsrot vun der A.s.b.l. Fuusslee wëllt matschaffen, da stellt Äer Kandidatur bis den 21. Mee 2017. Et si Plaze fräi. Avis aux amateurs!

De Verwaltungsrot vun der A.s.b.l. Fuusslee